SYPROLUX
Deng Gewerkschaft

# Compte-rendu de la réunion auprès du Chargé de Gestion GI, le 18 mai 2020 - partie MI

## 1. Echange d'informations

De GI deelt mat, dass sengem Gefill no, den Teamgeescht am allgemengen geférdert gouf an dëser sanitärer Kris. Des Weideren ass den Télétravail eng positiv Erfarung an schéngt och gutt ze funktionéieren.

## 2. Effectif du personnel 2021

Les délégués du personnel soulèvent les points suivants concernant les propositions d'effectif 2021:

- MI-E - District Caténaires: Les délégués du personnel demandent si l'effectif, en terme de besoins estimés, est suffisant pour garantir un bon déroulement des travaux chantiers en matière de travail de nuit et ceci pour l'ensemble de l'exercice 2021.

  De Besoin estimé gouf festgeluecht un Hand vun der Moyenne du travail réalisé 2018 an 2019. Laut der Meenung vun de GI- a MI-Verantwortleche géing dës Berechnung vum Effektiv duergoe fir de Besoin ze decken. An eisen Aen ass dat awer ganz kloer net de Fall (z.B. zu Rodange).

  Laut GI gëtt den Invest am Fonds du Rail zeréckgeschrauft. Des Weideren ass virgesi 7,5 ETP anzestelle fir eng 3. Ekipp an der Maintenance.

- MI-CST: Les délégués du personnel demandent pour quelles missions resp. tâches les deux ETP du grade M/4 sont prévus ?

  Do gëtt 1 Agent an d'Gestion Infralife an 1 Gestionnaire article CST

- MI-CST S12/S13: Les délégués du personnel demandent pourquoi le besoin estimé en ETP pour 2021 n'est pas revu à la hausse compte-tenu des chantiers importants à venir dans le rayon d'action de ces circonscriptions ?

  Et soll keng Ekipp opgeblosen ginn well do e momentanen Peak ass a punkto Aarbechtspensum. D'Iddi ass, datt d'Leit just temporär dohinner gesat ginn fir d'Aarbecht besser ze packen. Och an dëser Berechnung gouf d'Moyenne (2018 a 2019) gekuckt.

- MI-NOC: Les délégués du personnel demandent si l'effectif du NOC est intégré dans celui de l'atelier T ? Dans l'affirmative, ne serait-il pas opportun d'établir des effectifs séparés ?

  Jo, dësen Effektiv ass integréiert. Den Atelier T an NOC schaffen zesummen am Klammen. Dofir ass den Effektiv do zesumme bliwwen an opgefouert.

- MI-Unité Infrastructure centre comptable 801: Les délégués du personnel demandent s'il n'y a pas une erreur de frappe dans les besoins estimés ?

  De Problem, deen sech hei stellt, ass éischter dee vu Graden, déi net do sinn, ewéi dass et Problem vun Unzuel ass

  Op eis Fro, op mer  an de vergaangene Joer den Entretien ganz (zu 100%) gemaach kritt hunn, war d'Äntwert vum MI negativ. Ëmsou méi onverständlech ass dann de Fakt, dass den Effektiv just hei zeréckgeschrauft gëtt.

- CST - personnel technicien S - A/6: Les délégués du personnel demandent si cette filière dispose des 17 ETP A/6 prévus ? Dans l'affirmative, les délégués désirent savoir où ces agents sont affectés ?

  - 14 Leit sinn an de S Ekippen affektéiert (centre comptable 700)
  - 2 Leit sinn um Centre comptable 706
  - 1 Agent ass steet um Centre comptable 188 MIA
  - D'GI- a MI-Verantwortlech versiche fir de Mount Juni eng méi präzis Äntwert vum Service RH ze kréien.

- Le Service MI a-t-il chiffré son besoin en ETP pour l'astreinte pour service d'hiver pour l'exercice 2021, étant donné qu'on a dû recourir à des volontaires d'autres équipes pour effectuer les travaux cette année.

  D'GI- a MI-Verantwortlech gesi kee Problem fir och an d'Zukunft, déi Astreinte weider iwwert de Volontariat ofzedecken. Laut hirer Meenung, kéint ee jo keng 180 Leit astelle fir 5 Méint am Joer, wou se eventuell kéinte geruff gin.

  Sie géingen awer kucken, fir dës Aarbechten an Zukunft eventuell mat an d'Effektiv-Berechnung ze integréieren. (Cf Erklärung Punkt CST S12/13)

3. ***Préposé technique:*** Certains agents qui ont réussi à l'examen de promotion de la carrière A donnant droit au poste du préposé technique, rémunéré selon l'ancien tableau de rémunération (Annexe 2 du statut du personnel) où on fixe à partir du 1er octobre 2015 l'indice de l'échelon 12 du grade A/6 à 354 points indiciaires, occupent un tel poste et ne sont rémunérés qu'avec le supplément d'un PARP.

Selon les informations des délégués les effectifs ne disposeraient pas de postes libres du grade A/6. Sachant que le réseau s'agrandit et se modernise à une vitesse énorme et en conséquence le nombre de salariés augmente constamment, il fallait augmenter les effectifs. Est-ce qu'une augmentation des effectifs serait envisageable ? Une telle augmentation a été faite lors d'un point ajouté à l'ordre du jour de la réunion de la délégation centrale le 27 juin 2018 pour le personnel mécanicien et technicien S.

Esou Augmentatioun gouf ugefrot, mee se ass refuséiert gi vun der Direktioun. Des Weidere wär am Oktober 2019 gefrot ginn, dass di Agente sollen e pàrp kréien. Dëst a u sech net richteg, well déi Leit en A/6-Exame gemaach hunn, an deemno dee Grad och solle kréien. Laut Aussoe vum GI wär den Effektiv vun den A/6 agefruer ginn bei der Refonte vum Statut, doru wär näischt ze änneren.

4. ***Brigade Kautenbach:*** Quand sera occupé le poste du chef d'équipe à Kautenbach ?

De Poste soll vum 1.6.2020 un besat ginn iwwert eng Mutatioun.

5. ***Dirigeant MOTRA, ADEC:*** Selon nos informations il y a un projet pilote concernant trois personnes embauchées pour assurer les fonctions de dirigeant MOTRA et ADEC. Où en est l'avancement de ce projet ?

Am Projet waren 3 Leit virgesi fir d'Missioun Encadrement Chantier ze maachen. De MI-I iwwerschafft dëse Projet nach eng Kéier. D'Iddi besteet do dran, de Chef de Brigaden méi Zäit ze ginn, doduercher, dass d'Preparatioun vu Chantieren anerer iwwerhuelen (M-Leit).

Dës Leit waren initialement am MI-SI virgesinn. Dunn sollten se awer an d'Brigadë gesat ginn. Dat ass awer an der Presentatioun am MI-I net gutt ukomm, an dorobber hin gëtt de Projet elo iwwerschafft.

De MOTRA-Examen ass schonn en Joer hier, d'Leit hunn awer nach keng Qualifikatioun kritt. De MI-Verantwortleche freet dat mol no.

6. ***Matériel informatique***

- L'ensemble des agents a reçu une adresse e-mail personnalisée. Dans ce contexte les délégués du personnel demandent où en est l'équipement des sièges locaux en matière d'ordinateurs communs ?

Déi meescht Ekippe misste mam néidegen informatesche Material ekipéiert sinn. MI iwwerpréift dat awer nach eemol.

Am Kontext vum COVID-19 muss een onbedéngt drun denken, déi Saachen, déi gemeinsam vu méi Leit benotzt ginn, ze desinfizéieren. Des Weidere muss d'Personal op d'Risiken an d'Gefore vu Phishing-Attacken asw sensibiliséiert ginn.

- Les délégués demandent être informés sur l'état d'avancement de l'installation des ordinateurs dans les brigades pour donner accès à tout le personnel. Comment a été résolu le problème des agents n'ayant pas d'identifiant ?

Dëse Punkt misst entre-temps duerch de Service Informatique geléist gi sinn.

7. ***Local NOC:*** L'équipe GSM-R qui siège provisoirement dans le nouveau poste directeur de Bettembourg, désire être informée sur son futur siège. La même question se pose pour les agents de l'atelier T et de la circonscription S31 au moment où l'actuel PdC sera désaffecté.

NOC a PDC:

De GI muss mat der CFL-Immo kucken, wat mat deem Gebai vum PDC geplangt ass.

Eventuell kann am Projet "neie Magaséng / Cellule RFE" nach eng Upassung gemaach gi fir déi Ekippen ze integréieren. (z.B. eventuell e Stack drop bauen)

De Service II schafft un engem Projet fir en neien Accès an de CLIF ze maachen. Ënner Ëmstänn gëtt deen Terrain vum PDC och gebraucht fir d'Gleissituatioun vum CLIF ze optimiséieren.

8. ***Coordinateur/Planificateur (voie)***: Les délégués du personnel demandent:

- Quelles sont les missions du coordinateur ?
- Comment se présente la fiche de poste d'un coordinateur ?
- Quelles sont les missions du planificateur ?
- Comment se présente la fiche de poste d'un planificateur ?
- Quelles sont les différences entre les deux profils ?
- Pourquoi veut-on recourir à des agents de la carrière M et non de la carrière I pour le poste de planificateur ?

Et soll eng kloer Trennung ginn tëschent de Missioune vun deem Agent, deen e Chantier plangt an de Missioune vun deem Agent, deen e Chantier

exekutéiert. De Volet “Analyse” spillt och eng Roll. Natierlech mussen d’Fiches de poste adaptéiert ginn. (Cf Punkt Motra, Adec)

9. *Travaux en hauteur*: Les délégués du personnel soulèvent les points suivants :

- Qui est responsable pour la gestion, le contrôle et les commandes en relation avec l’équipement pour travaux en hauteur ?

  D’Cellule RFE soll do en kloren Optrag kréien. Et ass eng Reunioun virgesinn tëschend dem RFE an dem QSE/MI.

- Qui gère les cours de base et de recyclage ?

  D’Gestioun vun de Coure gëtt vum MI/QSE gemaach.

- Où en est-on avec l’homologation du système de chariot à glissière sur les mâts BGT/EM ?

  Et ass drop an drun, datt d’Commande un Luxcontrol erausgeet fir d’Maste vum BGT/EM ze kontrolléieren.

  D’Fro ass opkomm, wéi et mat der Kontroll vun de Fixpunkten un de Catenairespottoen ass? De Moment ass de Robert Douw mam Dossier vun de S-Signaler befaasst. MI freet beim Travailleur désigné no, wat do an der Maach ass.

10. *CSS*: Les délégués du personnel demandent pourquoi l’appel à candidatures pour le CSS a été publié si tardivement avec un délai de réponse totalement irréaliste ?

Den Delai de réponse war esou kuerz gewielt, well een dovunner ausgaangen ass, dass kee sech géing mëllen. An effektiv hätt sech och kee gemellt gehat. Et wollt een duerfir net ze vill Zäit verléieren, fir kennen eng Ausschreiwungsprozedur kennen ze lancéieren.

11. *Détection de l’amiante*: Existe-t-il un relevé de bâtiments susceptibles d’être contaminés par l’amiante ? (p.ex. gare d’Echternach)

Weder dem GI nach dem MI ass esou en Relevé bekannt.

12. *Mise à disposition d’eau potable dans l’ensemble des équipes du Service MI*: Les délégués du personnel demandent la mise à disposition d’une fontaine d’eau reliée à la conduite d’eau potable avec filtre (p.ex. caténaires).

D’Analyse vun de Käschten ass iwwersiichtlech an den Opwand schéngt net ze grouss ze sinn, sou datt een dat kann envisagéieren.

13. *Filière technicien C principal: régulateur*: Les délégués demandent à être informés sur l’état d’avancement de la « Mise en stage préparatoire pour la filière “technicien C principal”, spécialité: “régulateur” au sein du Central Sous-station. Quelle est la date prévisible pour les agents mutés involontairement au CSS de pouvoir retourner dans leurs anciennes fonctions ?

Fir Oktober 2023 misste genuch Leit um CSS als Regulateur do sinn. An deem Moment, kennen di mutéiert Agenten zeréck op hier ursprénglech Poste goen.

14. *Brigade 23 Wasserbillig*: D’après les informations des délégués, le chantier du bâtiment de la brigade 23 à Wasserbillig commencera en automne. C’est ainsi que les parkings des agents de la brigade seront limités. Actuellement on n’est pas au courant que les parkings seront disponibles pour ces agents. Les agents ayant leur siège dans cette brigade qui travaillent en équipe et qui, en raison de leurs heures de travail, ne peuvent objectivement pas emprunter les transports publics pour se rendre à leur travail ou en revenir, et (à titre cumulatif) lorsqu’il n’existe aucune autre possibilité de stationnement. Quelle solution proposent les responsables ?

De Chantier vun der Gare Waasserbëlleg ass op Mëtt 2021 verluecht ginn. Et ass warscheinlech, dass bis dohinner d’Leit an dat neit Gebai geplënnert sinn. Dëse Chantier soll nämlech bis Ënn 2020 fäerdeg sinn.

Wat de Parking beim néie Gebai ubelaangt, wäert de GI beim Service PI nofroen, op do Parkplaze virgesi sinn.

15. *IG 15*: Les délégués demandent être informés sur l’état d’avancement de la réforme de l’IG 15.

De Projet ass un de RH gaangen an se waarden nach ob eng Äntwert.

16. *Dirigeant MOTRA, SIPO*: Les délégués constatent un manque de personnel important dans les équipes voies. Il en résulte un manque de personnes qualifiées en tant que dirigeant MOTRA; SIPO. Selon notre avis il fallait des embauches dans ce domaine. Il y aura un nombre important d’agents partant en retraite le prochain temps. Les délégués demandent être informés sur les date des prochaines mises en stage pour chef d’équipe.

SYPROLUX
Deng Gewerkschaft

Est-ce que des formations RGW sont prévues pour les chefs d'équipe, pour qu'ils puissent assurer un travail mieux qualifié dans les aiguillages ?

Et si 5 Agenten am Stage.

Di nächst Mise en Stage ass geplangt fir Oktober 2020. Et hunn sech 7 - 9 Leit gemellt. Si mussen awer nach ënner anerem beim Service de Psychologie passéieren.

Et si RGW-Coure fir d'Chef d'Equipe virgesinn, soubal déi nei Kapitele publizéiert sinn.

*17. Divers*

Nettoyage Local autre que siège (besonnesch am S21)

De Relaisraum gëtt net vun enger Firma gebotzt. All Plaz gëtt eenzel elo gekuckt an decidéiert ob do gebotzt gëtt. (z.B. Dummeldeng, neie PDL, Leideleng)

MI seet de Leit Merci fir d'Gestioun vun der Kris. D'Leit wären immens solidaresch gewiescht, an all Diskussioune wäre ganz konstruktiv geléist ginn.

D'Generaldirektioun ass gewëllt den Télétravail ënnert gewësse Konditiounen op der CFL anzeféieren.

GI/RH huet aus der Cellule de Crise rapportéiert, datt ëmmer méi Leit beim der Santé au Travail (ST) uruffen, well Eisebunner keng Mask un hunn. Do misst en Rappell gemaach ginn.

D'Personne vulnérable kenne vum ST virgeschriwwe kréie FFP2-Masken un ze doen, an déi kréien des dann och zur Verfügung gestallt.

Di nächst Sitzung ass de 17. Juni zesumme mam Service EI




## *Deng Kontaktleit am Service MI*



**Ramiro DE SOUSA VALENTE**
Délégué Titulaire
691 462 452 - ramiro.desousa@cfl.lu



**Romain LIBER**
Délégué Suppléant
691 550 739 - romain.liber@cfl.lu



**Ed MALLINGER**
Délégué Titulaire
691 462 473 - edouard.mallinger@cfl.lu




**Fraenz DUHR**
Délégué Suppléant
621 322 136 - francois.duhr@cfl.lu



**Nelson COSTA**
Délégué Titulaire
621 292 773 - costanels@hotmail.com



**Marc LANGERS**
Délégué Suppléant
691 433 249 - marc.langers@cfl.lu



**André DHUR**
Kommissiounsleeder
691 998 727 - adhick@pt.lu

